FILM LUX FEST

LUXEMBOURG CITY FILM FESTIVAL

DOSSIER PÉDAGOGIQUE

11ème édition

4→14 / 03 / 2021

MÄIN ÉISCHTE KINO | MON PREMIER CINÉMA

Fir d'Kanner schonn am klengen Alter fir de Kino ze sensibiliséiere proposéiert de Luxembourg City Film Festival e Programm, dee fir eis Butzen adaptéiert ass. Fir datt den éischte Kinosbesuch fir d'Kanner vun 3-5 Joer e schéint Erliefnis gëtt, suergt de Festival fir optimal Bedingungen: begleedend Erklärungen, ugepasste Sëtzméiglechkeeten a Liichtverhältnisser, asw. Déi proposéiert Filmer daueren net méi laang wéi 45 Minutten a ginn all encadréiert. Verschidde Seance gi souguer op Lëtzebuergesch ageschwat.

Afin de sensibiliser les enfants dès leur plus jeune âge au cinéma, le Luxembourg City Film Festival propose une programmation entièrement adaptée aux tout petits. Les enfants de 3 à 5 ans sont invités à vivre leur toute première expérience face au grand écran. L'équipe du Festival mettra en place des conditions d'accueil et de suivi adaptées : guidage, installation fauteuil, luminosité faible, son diminué, etc. afin de rendre ce moment de cinéma inoubliable. Les films proposés n'excèderont pas 45 minutes. Toutes les séances seront encadrées et certaines doublées en luxembourgeois.

DEM CHOUM SENG ODYSSEE
L'ODYSSÉE DE CHOUM

Sonja Rohleder / Carol Freeman / Julien Bisaro | DE, IE, FR, BE, 2018, 2019 | 37' |
Wéineg Dialoger / peu de dialogues | Animatioun / Animation

SCHLËSSELWIERDER | MOTS CLÉS

- Aféierung an d'franséisch Sprooch / Initiation à la langue française
- Verschidden Animatiounstechniken / Différentes techniques d'animation
- Ënnerschiddlech Villercherszorten / Différentes espèces d'oiseaux
- Natur / Nature
- Strand, Bësch, Mier / Plage, forêt, mer
- Entdeckung / Découverte
- Begéinungen / Rencontres
- Frëndschaft / Amitié
- Musek a Rhythmus / Musique et rythme
- Abenteuer / Aventures
- Geschwëster / Fratrie
- Eil / Chouette
- Paradäisvillchen / Oiseaux de paradis
- 2D-Animatioun / Animation 2D
- Glasmolerei / Peinture sur verre

Vum Wal op der Sich no senger Sangstëmm bis zu der klenger Eil déi mat hirem Brudder d'Welt entdeckt, d'Déieren an dësen dräi léiwe Geschichte sichen all no Léift a Gebuergenheet. Hier Wanderunge lueden an, d'Welt an d'Schéinheet vun der Flora a Fauna z'entdecken.

Les animaux de ces trois tendres contes aspirent à l'amour, à l'amitié et rêvent d'une famille. Grâce aux pérégrinations de ces animaux sur terre, en mer et dans le bayou, petits et grands (re)découvriront la beauté de la faune et de la flore.

SCHOULVIRSTELLUNGEN | SÉANCES SCOLAIRES

05/03 – 11:00 – Kinepolis Kirchberg *(Schluss / fin de séance – 11:45)*
08/03 – 11:00 – Kinepolis Kirchberg *(Schluss / fin de séance – 11:45)*
09/03 – 9:00 – CNA Dudelange *(Schluss / fin de séance – 9:45)*

D'Datummer an d'Horaire vun den ëffentleche Filmseancë ginn am Februar 2021 annonceiert. /
Les séances publiques seront annoncées en février 2021.

KUERZFILMER:

- *LE NID (NEST)* (Sonja Rohleder – 4' – Technik: Animatioun)

Ee Paradäisvillchen op der Sich no engem Partner erlieft e puer Enttäuschungen.

Am Rhythmus vun den Trommelen, start ee liicht naive Paradäisvillchen d'Sich no senger besserer Hallschent. A seng faarweg, stralend Plomme gekleet, fänkt hien un ze danze fir d'Weibercher ze beandrocken.

- *L'OISEAU ET LA BALEINE (THE BIRD AND THE WHALE)* (Carol Freeman – 7' – Technik: Animatioun)

Eng poetesch Geschicht iwwert ee jonke Wal op der Sich no senger Famill.

Ee jonke Wal gëtt wärend engem Stuerm vu senger Mamm getrennt a schwëmmt doropshin eleng am Mier ronderëm. Hien entdeckt ee Schëffswrack an trëfft op deen eenzegen Iwwerliewende vum Ongléck: ee Kanarievillchen deen an engem Käfeg gefaangen ass. Mat senger wonnerschéiner Stëmm hëlleft de Villchen dem Wal seng Famill zréckzefannen.

- *L'ODYSSÉE DE CHOUM* (Julien Bisaro – 26' – Technik: Animatioun)

Eng kleng Eil an hire Brudder maache sech op d'Sich no enger Adoptivmamm.

D'Choum, eng kleng Eil, schlüpft wärend engem Stuerm, deen de Sumpf ronderëm hiren Heemechtsbam op d'Kopp stellt. Nodeems se aus hirem Nascht gefall ass, wandert se duerch de Mangrovebësch a rullt een zweet Ee mat hirem Bridderchen dra viru sech hir. D'Choum wëll eng Mamm fannen, ganz egal op déi eng Alligatorin oder eng Wäschbierfra ass. Zesumme mat hirem nach net geschlüpfte Geschwësterchen erlieft si sou hiert éischt Abenteuer.

PÄDAGOGESCH ASÄTZ

- Déi verschidde Villercherszorten, hire Liewensraum an hiert Verhalen.
- D'Begéinungen an d'géigensäiteg Hëllef.
- D'Entdeckung an d'Reesen.

AKTIVITÉITEN

LE NID

- Weess du wat ee Paradäisvillchen ass? Wat maachen déi fir hir Weibercher ze beandrocken?

- Mol däin eegene Paradäisvillchen op engem schwaarze Blat mat Pastellfaarwen oder mat Gouache!

  Hues de gemierkt datt d'Faarwen op engem schwaarze Blat vill méi liichten an erausstieche wéi op engem wäissen?



Illustrations 1.

L'OISEAU ET LA BALEINE

Fir dëse Film ze realiséieren, huet d'Regisseurin ee ganz aalt Verfare fir d'Animatioun benotzt. All eenzelt Bild gëtt op eng Glasplack mat speziellen Uelegfaarwe gemoolt, fir datt et net ze séier dréchent, a gëtt duerno fotograféiert. Soubal d'Foto gemaach gouf, gëtt d'Zeen ausgewëscht an déi nächst driwwer gemoolt. All neit Bild zerstéiert zwangsleefeg dat vu virdrun!

- Mol deng eege Glaszeechnung déi s du duerno op Hannergrondbiller leeë kanns déi d'Mier duerstellen a wiessel sou den Dekor!

Illustrations 2.

1- Dofir brauchs du Pinselen, Gouache an eng kleng Plack Plexiglas.

2- Lee d'eidel Plack op ee Bild vum Film L'OISEAU ET LA BALEINE a fusch d'Personnagen of.

3- Lee duerno deng Plack mat de Personnagen op een Hannergrondbild dat s du selwer gemoolt hues.



L'ODYSSÉE DE CHOUM

- Weess du wat eng Odyssee ass?
  Stell dir eng laang, turbulent an abenteuerlech Rees vir wéi déi vum Choum a mol se op!

- Wat hunn eng Eil an ee Krokodil gemeinsam?
  Mol och du ee klenge Villchen oder ee klengt Reptil déi wéi am Film L'ODYSSÉE DE CHOUM prett si fir aus hiren Eeër ze schlüpfen!

Illustrations 3.



COURTS-MÉTRAGES :

- *LE NID (NEST)* (Sonja Rohleder – 4' – technique : animation)

Un oiseau de paradis en quête de son âme sœur connaît quelques déconvenues.

Un oiseau de paradis un peu naïf se met, tambour battant, à la recherche de sa moitié. Vêtu de son plumage éclatant, il se met à danser pour impressionner des femelles.

- *L'OISEAU ET LA BALEINE (THE BIRD AND THE WHALE)* (Carol Freeman – 7' – technique : animation)

Une histoire lyrique d'un baleineau à la recherche de ses proches perdus.

Séparé de sa mère dans une tempête qui fait chavirer un navire, un jeune baleineau erre dans l'océan et brave de nombreux dangers. Lorsqu'il remonte à la surface, il rencontre un petit canari en cage, seul rescapé du naufrage. L'oiseau chante merveilleusement bien et aide la baleine à retrouver les siens.

- *L'ODYSSÉE DE CHOUM* (Julien Bisaro – 26' – technique : animation)

La petite chouette Choum et son frère partent à la recherche d'une maman adoptive.

Choum, une petite chouette, éclot alors qu'une tempête met sens dessus dessous le bayou où est planté son arbre. À peine tombée du nid, la voilà qui s'élance péniblement dans la mangrove en poussant le second œuf de la nichée. Contre vents et marées, elle est bien décidée à trouver une maman adoptive... Même s'il s'agit d'un alligator ou d'un raton laveur ! Accompagnée par son petit frère pas encore éclos, elle se lance dans l'aventure.

PISTES DE TRAVAIL

- Les différentes espèces d'oiseaux, leur habitat et leur comportement.
- La rencontre et l'entraide.
- La découverte et le voyage.

ACTIVITÉS

LE NID

- Sais-tu ce qu'est un oiseau de paradis ? Que fait-il pour attirer les femelles ?
- Peins ton propre oiseau de paradis à l'aide d'une feuille noire et de pastels (ou gouaches) de couleur ! As-tu remarqué que les couleurs sont plus éclatantes sur une feuille noire que sur une feuille blanche ? *(Voir illustrations 1. ci-dessus, p.8.)*

L'OISEAU ET LA BALEINE

Pour réaliser ce petit film, la réalisatrice a utilisé un procédé très ancien d'animation. Chaque « image » est peinte sur une plaque de verre avec de la peinture à l'huile un peu spéciale afin qu'elle ne sèche pas trop vite et est ensuite photographiée. Une fois photographiée, la scène est effacée pour pouvoir peindre la suivante. Toute nouvelle image créée détruit inévitablement la précédente !

- Crée ta propre peinture sur verre que tu pourras ensuite poser sur d'autres images représentant la mer et ainsi changer le décor ! *(Voir illustrations 2. ci-dessus, p.8-10)*

1- Pour cela, tu as besoin de pinceaux, de gouache et d'une petite plaque de plexiglas.

2- Pose la plaque en plexiglas sur une des images de L'OISEAU ET LA BALEINE et décalque les personnages.

3- Pose ensuite ta plaque de plexiglas sur l'image de ton choix.

L'ODYSSÉE DE CHOUM

- Sais-tu ce qu'est une odyssée ?
  Imagine un long voyage mouvementé et aventureux comme celui de Choum et dessine-le.

- Qu'est-ce qu'une chouette et un crocodile ont en commun ?
  Comme dans L'ODYSSÉE DE CHOUM, imagine et dessine un oisillon ou un petit reptile prêt à éclore de son œuf ! *(Voir illustrations 3. ci-dessus, p.11.)*